

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Juni 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här  
Ekonomieminister weiderzeleeden.

Esou wéi de Portal „Deutsche Wirtschaftsnachrichten“ rezent geschriwwen huet, ass duerch  
d'Enn vum Lockdown zu Shanghai an domat och dem Zeréck an e normale Betribsoflaf am  
gréissten Hafe vun der Welt ze rechnen. Während d'Schëffer sech wéinst deem laange  
Lockdown virum Hafe gestaut hunn an et doduerch am Rescht vun der Welt zu ëmmer méi  
laange Liwwerzäite kouw, rechnen Experten an den nächste Woche mat engem  
géigendeelegen Effekt. Doduerch, datt a kuerzer Zäit nodréiglech ganz vill Liwwerunge  
mateneen traitéiert ginn, gëtt mat enger potenzieller Liwwerlaaschtung op den Zildestinatioune  
gerechent. Lëtzebuerg ass mat deem klengen Mäerterter Hafen nëmme ganz begrenzt mam  
internationale Verkéier um Mier verbonnen, stellt awer trotzdeem mat dem Findel an dem  
Beetebuerger Logistikzenter e wichtegt Dréikräiz fir déi regional Wuerestréim duer.

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Ekonomieminister gär dës Fro stellen:

- 1) Geet den Här Minister dovun aus, datt déi uewe beschriwwe Konsequenze vum  
Enn vum Lockdown am Hafe vu Shanghai och zu engem méi héijen Drock op de  
Lëtzebuenger Logistiksecteur féiert? Falls jo, kann den Här Minister da matdeelen  
ob a wéi eng Moosname getraff ginn, fir déi Schwankungen auszegläichen?
- 2) Ass speziell u Moosname geduecht déi de Weidertransport vun de Wueren iwwer  
d'Strooss kéinte méi bëlleg maachen, z.B. duerch weider Moosname beim Präis  
vum Diesel?
- 3) Wéi eng Moosname wëll d'Regierung allgemeng huelen, fir Lëtzebuenger  
Logistikentreprisë par Rapport zu hirer auslännescher Konkurrenz méi kompetitiv  
ze maachen?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser  
Deputéierten



**Réponse du ministre de l'Économie, Franz Fayot, à la question parlementaire n°6317 du 8 juin 2022 de l'honorable député Fernand Kartheiser concernant l'impact de la fin du lockdown à Shanghai sur le secteur logistique**

Zanter méi wéi zwee Joer sinn d'Betribler vum Logistiksecteur mat enger Rei vun disruptiven Evenementer konfrontéiert, dozou gehéiert och d'Zoumaachen an Erëffnung vu groussen Häfen ewéi Shanghai. D'Enn vum Lockdown am Hafe vu Shanghai bedeit net onbedéngt den direkte Retour op eng komplett Normalitéit. Et wäert eng Zäit dauere bis déi industriell Produktiounsvolummen an duerno d'Containervolummen erëm erop ginn. An dësem schwierigen Ëmfeld hunn d'Betribler aus dem Lëtzebuurger Logistiksecteur sech bis elo widerstandsfäeg a resilient gewisen, verschiddener hunn esouguer gutt finanziell Resultater opzeweisen.

Wat Moosnamen ugeet fir den Transport vu Wueren iwwer d'Strooss méi bëlleg ze maachen, huet d'Regierung nieft den Accisen, keen Hiewel fir d'Präisser vum Stroosstransport, deen e ganz kompetitive Secteur ass, ze beaflossen. Fir d'Betribler am aktuelle Kontext ze ënnerstëtzen, ass am Kader vum Solidaritéitspak decidéiert ginn den Taux vun der Accise ëm 7,5 Cent/l inklusiv Steuer erfzesetzen. Des weidere gouf am Accord Tripartite virgesinn no der Revisioun vun den europäesche Staatshëllefregelen een néien Hëllefsgesetz fir propper Gefierer anzeféieren fir de Betribler bei de Méikäschten entgéint ze kommen.

Déi kontinuierlech Efforte vum Wirtschaftsministère an de leschte Joerzénge fir de Logistiksecteur ze entwéckelen hunn et méiglech gemaach Lëtzebuerg zu engem attraktive Logistikzenter ze maachen. Méi wéi 300.000 m<sup>2</sup> Logistiklager goufen entwéckelt fir de Bedierfnesser vu weltbekannten Acteure gerecht ze ginn. Donieft hunn Betribler aus dem Logistiksecteur zesumme mam Wirtschaftsministère Léisunge fir verschidden Nichesectoren entwéckelt déi eng gutt Logistik erfuerderen, wéi zum Beispill pharmazeutesch Produkter.

D'Attraktivitéit vu Lëtzebuerg als Logistikzenter gött och bestätegt duerch déi sëllegen Demande fir nei Implantatiounen, déi de Wirtschaftsministère weiderhi kritt. D'Grënnung vun enger Universitärer Chaire am "Digital Procurement" an Zesummenaarbecht tëscht der Uni Lëtzebuerg an dem Wirtschaftsministère ass e weidert Beispill vun der positiver Entwécklung am Logistiksecteur. Mat der Ausbildung vu qualifizierten Experten an deem spezifesche Beräich, verstärkt dës Chaire d'Dynamik an déi positiv Entwécklung vu Lëtzebuerg als Logistikshub.

Luxembourg, le 13/07/2022

Le Ministre de l'Économie

(s.) Franz Fayot